

E Step-by-Step Tutorial (op Englesch) kënnt dir iech [hei](#) ukucken

Tipps:

- **Et geet just mam Google Chrome , dofir benotzt w.e.gl. dëse Browser fir äre Video z'erstellen.**
- Wann dir iech eng Episod ugekuckt hutt a selwer e Video wëllt erstellen, klickt op de "Recycle" Knäppchen ënnert dem Video.



- Ier dir äre Video ophuele kennt musst dir iech e PREZI Account uleeën. Dëst ass komplett gratis. Wielt hei "Basic Free Plan" aus. Wann dir no engem Grund gefrot gitt wisou dass dir Prezi benotze wëllt, da gitt "Educational" un, dir kritt dann extra Avantagen op der Prezi Plattform.
- D'Titele vun de Slide kennt dir am Prezi iwwersetzen.
- Dir kënnt probéieren de Video op ennerschiddleche Plazen opzehuelen, beziehungsweise de Laptop ze dréinen, fir en optimalen Hannergrond a perfekt Liichtverhältnissen ze hunn. Dir kënnt och zum Beispill e puer Bicher ënnert äre Laptop leeë fir dass d'Kamera op ärer Héicht ass.
- **Benotzt de Skript:** Übt e puer mol am Virus ären Text. Dëst erméiglecht iech äre Contenu ze kennen, an domat all déi wichteg Punkten ze erwäne wann de Visuell am Video ugewise gëtt. Probéiert während dem Ophuelen net ze vill vum Skript ofzeliesen, fir sou natierlech wéi méiglech ze wierken.
- **Timing:** Während dir äre Video ophuelst muss dir en Aen op d'Zäit werfe fir dass äre Video net ze laang gett.
- **OPGEPASST:** Dir kennt äre Video sou oft läschen an nei ophuele wéi dir wëllt. Mee wann dir eng Ännerung wëllt maache musst dir ganz vu vir ufänken.
- **Tutorials vu Prezi (an 9 verschiddene Sproochen):** <https://support.prezi.com/>
- Wann äre Video fäerdeg ass schéckt eis w.e.g. de Link vum Video per E-mail u yacovid19@lgs.lu ier dir en Online setzt. Mir kucken eng Kéier driwwer a ginn iech e kuerze Feedback. Duerno kënnt dir äre Video da verëffentlechen.
- Falls dir Froen oder technesch Problemer hutt kennt dir iech per Email bei eis mellen: yacovid19@lgs.lu